N°1400
Entrée le 21.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister Luc Frieden a vun der Justizministesch Elisabeth Margue op d'parlamentaresch Fro n° 1400 vum 21. Oktober 2024 vum honorabelen Deputéierte Laurent Mosar.**

**Ad 1) & 2)**

D'Regierung verurteelt d'Profanatioun vun der genannter Gedenkplack schaarf. D'Regierung leent all Form vun Diskriminatioun strikt of an dréckt der betraffener Gemeinschaft hir Solidaritéit an Ënnerstëtzung aus.

D'Datebanke vun der Police erméiglechen et net, Statistiken zum Vandalismus op antisemittesch motivéiert Doten opzeschlësselen. 2024 sinn 8 penal Plainten deposéiert gi mam Motiv " criminalité à motivation politique et religieuse ", déi vun der Police judiciaire traitéiert gi sinn.

**Ad 3)**

Mir referéieren eis op d'Äntwerten zu de QP 987 a QP 869, wou präziséiert gouf, datt den informatesche System vun de Justizautoritéiten am Moment allgemeng d'Affairen erfaasst, déi ënnert d'Artikele 454 a 457-1 vum Code pénal falen, ouni dobäi de genauen Detail opzeschlësselen. Deemno ginn d'Fäll am Kontext vun Antisemitismus net eenzel statistesch opgelëscht.

**Ad 4)**

Déi eenzel Membere vum Comité de suivi du Plan d'action national contre l'antisemitisme si vum Regierungsrot Enn Juli genannt ginn. Säitdeem ass de Comité de suivi zwee Mol zesummekomm. Déi éischte Kéier gouf mat der Police grand-ducale iwwer verbessert Sécherheetsmoossnamen diskutéiert. Déi zweet Sëtzung war a Form vun engem Seminär, mat Spezialisten aus dem Ausland, fir déi nei Forme vun Antisemitismus ze beliichten.

Déi nächst Sitzung wäert sech notamment mat der Fro vun enger besserer statistescher Opnam vun antisemittesche Virfäll beschäftegen. D'Regierung wëll zesumme mat alle pertinenten Acteuren, en ligne mam PANAS, eng Verbesserung vun de Statistiken iwwer Virfäll mat Diskriminatiounshannergrond erreechen.

**Ad 5)**

D'Educatioun an eise Schoulen, mee och d'Formatioun vun Erwuessene spillen eng grouss Roll fir géint den Antisemitismus virzegoen. Ze bedenken ass, datt den Antisemitismus villschichteg ass, an datt et net duer geet, sech op d'Tragedie am 2. Weltkrich ze limitéieren. D'Regierung wäert sech den Efforte vun der Europäescher Kommissioun an internationalen Organisatioune wéi dem Conseil de l'Europe oder der Unesco am Beräich vun der Educatioun an der Formatioun

uschléissen, mam Zil der Ëffentlechkeet nei Programmer an deem Domän kënnen unzebidden.Den Antisemitismus fält juristesch zu Lëtzebuerg an de Kader vum Artikel 454 a vum Artikel 457-1 vum Code pénal, dee virgesäit, datt all Opruff zu Haass oder Gewalt géint eng Persoun oder Gruppéierung, op Grond e.a. vun der Hierkonft oder Relioun, strofbar ass. Den Artikel 80 vum Code pénal, deen 2023 agefouert gouf, gesäit och eng “circonstance aggravante” fir d’Crime, Delikter a gewësse Kontraventiounen an dem Kontext vir. Eng Upassung vum Code pénal ass aktuell net virgesinn.

Lëtzebuerg, den 20.November 2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN